CSV FRAKTIOUN

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
20 AOUT 2019
1083

**Lëtzebuerg, den 20. August 2019**

Här President,

Esou wéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit bieden ech lech dës parlamentaresch Fro un d'Häre Ministere fir Aarbecht, Beschäftegung a fir Sozial- a Solidarwirtschaft a fir Educatioun, Kanner a Jugend weider ze leeden.

D'Beruffsausbildung bitt eng ronn 120 Formatiounen un. Fir dass déi betraffe Schüler och reusséieren, mussen Léierplazen an ausräichendem Mooss zur Verfügung stoen.

Dowéinst wéilt ech folgend Froen un d'Häre Ministere stellen:

- Wéi vill Léierplazen sinn aktuell vun de Betriber gemellt ginn?
- Wéi vill vun deene Léierplazen si besat?
- A wéi enge Beruffssparten gëtt dual ausgebilt? Wéi där Ausbildungen sinn dat pro Spart?
- Wéi vill grenziwwerschreidend Ausbildungen an Ausbildungsverträg goufe bis dato ënnerschriwwen?

Här President, ech bieden lech mäin déifste Respekt unzehuelen.

Marc Spautz
Deputéierten

**Gemeinsam Äntwert vum Här Minister fir Aarbecht a Beschäftegung a fir Sozial- a Solidarwirtschaft Dan Kersch an dem Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend Claude Meisch op d'parlamentaresch Fro n° 1083 vum honorablen Deputéierten Marc Spautz**

Op den 11. September 2019 sinn am Service Beruffsberodung vun der ADEM 811 onbesate Léierplazen vun den Ausbildungsbetriber deklaréiert.

Momentan si schonns 890 Jonker fir en Ausbildungsvertrag an der Beruffsberodung assignéiert ginn, daat heescht, datt d'Beruffsberodung, opgrond vun enger schrëftlecher Konfirmatioun vum Ausbildungsbetrib, déi néideg Dokumenter ausgestallt huet, sou datt en Ausbildungsvertrag vun der betreffender Beruffskummer konnt, respektiv kann ausgestallt ginn. Zousätzlech si 423 Persounen vun der Beruffsberodung an eng Erwuesseléier assignéiert ginn.

Et gëtt 11 Domainen, an deenen dual ausgebild gëtt mat am ganzen 93 Formatiounen:

- Apprentissage agricole: 6 Formatiounen;
- Apprentissage commercial: 10 Formatiounen;
- Apprentissage dans le secteur HORECA: 4 Formatiounen;
- Apprentissage dans le secteur social: 3 Formatiounen;
- Apprentissage industriel: 11 Formatiounen;
- Métiers de la communication, du multimédia et du spectacle: 1 Formatioun;
- Métiers de la construction et de l'habitat: 23 Formatiounen;
- Métiers de la mécanique: 16 Formatiounen;
- Métiers de la mode, de la santé et de l'hygiène: 7 Formatiounen;
- Métiers de l'alimentation: 9 Formatiounen;
- Métiers de l'art et métiers divers: 3 Formatiounen.

Insgesamt si bis elo 46 Jonker an 11 Erwuessener an engem grenziwwerschreidenden Léiervertrag assignéiert ginn.

Well e Léiervertrag bis den 31. Oktober kann ofgeschloss ginn, wäert d'Zuel vun den Léierverträg nach zouhuelen.